Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

A senger deemoleger Question parlementaire n° 605 vum 27. September 1996 hat den honorabelen DP-Deputéierten Henri Grethen zum Applizéiere vun der Prozedur vum modifizéierte Gesetz vum 25. Juli 1990 nogefrot. Nom aktuelle Gesetz kënne Beamten aus der Fonction Publique oder vun den Etablissements publics op Decisioun vum Regierungsrot an d'Verwaltungsréit vun Entreprisë mandatéiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm Entreprisen an deenen de Staat Aktionär ass. D'Gesetz gesäit vir, dass d'Remuneratioun, déi d'Beamte kréie – am Gesetz ass vun "É*moluments"* Ried – un de Staat weidergeleet ginn. De Regierungsrot entscheet Cas par Cas iwwert d'Héicht vun de Remuneratiounen, déi de Beamten ausbezuelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- 1. Wéi héich waren d'Montante vun den "Émoluments", déi säit 2010 vun den Entreprisen, an deenen de Staat Aktionär ass, un de Staat an un d'Etablissements publics ausbezuelt gi sinn (opgelëscht no Ministère an Etablissement public a Joer)?
- 2. No der selwechter Oplëschtung wéi an der Fro 1, wéi héich waren d'Montanten un Indemnitéiten, déi Beamte vun der Fonction publique oder bei Etablissements publics säit 2010 vum Regierungsrot accordéiert kruten?
- 3. Ënnert wéi enge Budgetsposte vum Budgetsprojet 2019 fënnt een d'Émoluments souwéi d'Indemnitéiten erëm?
- 4. Ass fir d'Ernennung vun engem Beamten aus der Fonction publique een offiziellen Akt am Mémorial virgesinn? Falls jo, ëm wéi een Akt handelt et sech? Falls nee, ënnert wéi enger Form gëtt de Beamten d'Participatioun an de Verwaltungsréit vun Entreprisen autoriséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député